15.02.13 RTL.lu

BGL Ligue

Neien Trainer zu Käerjeng gëtt den Angelo Fiorucci

Um Donneschdeg den Owend gouf bekannt, datt den Angelo Fiorucci neien Trainer zu Käerjeng gëtt

- Leschten Update: 13.02.2015, 06:02:36

Assistéiert gëtt hien vum Romeo Codello an dem Claude Heinz.

Käerjeng trennt sech vum Roland Schaack

De Club begrënnt d'Decisioun domat, datt d'Spiller kee Vertraue méi an den Trainer gehat hätten. 'Decisioun wier no enger Reunioun vun de Spiller vun der éischter Equipe geholl ginn.

An dat war schonns eng déck Iwwerraschung: Am Ufank vun der Saison war eng Zäit laang am Gespréich, dass dem Roland Schaack säi Stull wackeleg wier. A leschter Zäit huet een awer näischt méi dovunner héieren.

De Roland Schaack war a senger 6. Saison zu Käerjeng.

Käerjeng steet den Ament op der drëttleschter Plaz an der BGL Ligue.

An zwou Wochen ass d'Wanterpaus riwwer.

© *Roland Miny - pressphoto.rtl.lu*